Ceci est le cache Google de http://news.rtl.lu/news/national/431644.html. Il s'agit d'un instantané de la page telle qu'elle était affichée le 3 janv. 2014 05:08:17 GMT. La page actuelle peut avoir changé depuis cette date. En savoir plus
Astuce : Pour trouver rapidement votre terme de recherche sur cette page, appuyez sur **Ctrl+F** ou sur **⌘+F** (Mac), puis utilisez la barre de recherche.

Version en texte seul









# "Blutschutzgesetz" zu Lëtzebuerg appliżéiert

RTL - 03.05.2013, 07:30 | Fir d'lescht aktualiséiert: 03.05.2013, 09:27

En Dënschdeg den Owend beschäftegt sech eng Konferenz op der Uni Lëtzebuerg mat engem nawell manner bekannte Kapitel aus der Zäit virum Zweete Weltkrich.




*Et geet ëm d'Ëmsetzung vun de sougenannten „Nürnberger Gesetzer" zu Lëtzebuerg. Dës Rassegesetzer vum 15. September 1935 waren déi juristesch Basis vun der Verfollegung an der Diskriminatioun vun de Judden ënnert dem Naziregim. Zil war et, ënnert anerem dat „däitsch Blutt propper" ze halen, andeems Bestietnesser tëscht Judden an Däitschen verbuede goufen. Huet Lëtzebuerg dëst Blutschutzgesetz och appliżéiert? Dat huet d'Claude Zeimetz beim belsche Conferencier, dem Droitprofesser Didier Boden nogefrot.*

## Nürnbergergesetz zu Letzebuerg/Reportage Claude Zeimetz

An d'Äntwert op d'Fro ass jo.

Déi deemoleg Regierung huet sech d'Decisioun awer net einfach gemaach.

Recommend 1
Tweet 0 g+1
E-Mail schécken
Printen

**Linken**

AUDIO: Nürnbergergesetz zu Lëtzebuerg/Reportage Claude Zeimetz

**Themen**

**Weider Artiklen**

**2. Jan 14:51**
Neijoersch-Gléckwënsch: Ronn 7,5 Milliounen SMSen zu Lëtzebuerg verschéckt

**2. Jan 14:44**
Accident zu Wolz: Op der N26 krute sech 2 Ween ze paken

**2. Jan 13:57**
Prost: Automobilist zu Luerenzweiler no Course Poursuite gestoppt

**2. Jan 13:54**
Police: Serie vun den Abréch geet virun

**2. Jan 13:13**
Accident op der A3: E Mëttwochowend war en Auto an d'kalifornesch Mauer geknuppt




### Ëmfro

**Cannabis-Legaliséierung: Soll Marihuana offiziell erlaabt ginn oder net?**


Uruguay huet et virgemaach, den US-Bundesstaat Colorado huet nogezunn an de Staat Washington ass och quasi esou wäit: Kiffe gëtt erlaabt. Wéi stitt Dir dozou? Soll Cannabis legaliséiert ginn?

- Jo
- Nee
- Keng Meenung

Ofstëmmen | Resultat kucken

Dëse Sondage entspriecht net de wëssenschaftleche Standarden. E representéiert just d'Meenung vun deene Leit, déi hei op RTL.LU geäntwert hunn.




### News: Am meeschte gelies

Haut Dës Woch Lescht Woch

1. Neijoersch-Interview: Déi nächst 5 Joer gi keng einfach, sou de Xavier Bettel
2. 1.000 Pond Strof: Enthüller vu Rowling-Pseudonym sanktionéiert
3. Bommeleeër total: Sylvie Conter a Gaston Vogel sinn d'Lëtzebuerger vum Joer

Wann en Auslänner bestuet gëtt, muss dat Bestietnes am Prinzip d'Virschrëften aus deem sengem Heemechtsland respektéieren. Lo war d'Nürnberger-Gesetz awer flagrant rassistesch an huet géint d'Lëtzebuerger Rechtsprinzipie verstouss. Duerfir huet d'Regierung verschidden Autoritéiten ëm hir Meenunge gefrot. D'Juriste ware sech awer net eens ënnereneen. Mee de Léon Schaak hätt sech duerchgesat.

Ee Procureur général d'Etat, dee sech also mat senger isoléierter Meenung eleng géint déi aner duerchsetzt. Dat ass dach erstaunlech. Besonnesch wann een d'Ideologie vum Léon Schaack bedenkt, déi rassistesch a friemefeindlech Argumenter ervirbruecht huet, déi am Nationalarchiv ka noliesen. Den Didier Boden féiert de groussen Afloss vun deem xenophoben Procureur général notamment op seng staark Perséinlechkeet zréck.

Gouf et Memberen an der Regierung, déi der selwechter Meenung wéi de Léon Schaack waren? Dat kann den Didier Boden net soen. Op alle Fall hätt d'Regierung grousse Respekt virun him a sengem Posten gehat an hätt en dowéinst och net einfach sou kënnen detachéieren.

Lëtzebuerg war awer zwar keen Eenzelfall. Ënnert anerem Schweden, d'Schwäiz an Éisträich hunn dat drëtt Nürnberger-Gesetz strikt appliziéiert. D'Belsch, Frankräich a Groussbritannien, net. Ouni derfir bestrooft ze ginn. D'Land hätt also näischt risquéiert, sou den belsche Professer.

Aus den Archiven, weess den Didier Boden zu Lëtzebuerg iwwregens offiziell vu 5 Bestietnesser, déi op Basis vum Gesetz zu Lëtzebuerg verbuede goufen. Mee hien ass och sécher, datt et grad esou vill inoffiziell Fäll gouf.

Ee Fall hat besonnesch fir Opreegung gesuergt, notamment an der Press. E Paschtouer hat eng däitsch-jiddesch Koppel an der Kierch bestuet, obwuel se den zivile Mariage verbuede kritt hat. D'Fra huet erwaart an hat sech extra deefe gelooss. D'Bestietnes ass ni unerkannt ginn an de Paschtouer gouf wéinst Verstéiss géint d'Verfassung bestrooft.

Wie sech lo méi am Detail fir de Sujet intresséiert, kann den Didier Boden en Dënschdeg den Owend op de Campus Lampertsbierg lauschtere goen. D'Konferenz fänkt um 18 Auer un an et soll ee sech am Virfeld umellen.

Recommend 1 Tweet 0 g+1 E-Mail schécken Printen

4. Accident zu Wolz: Op der N26 krute sech 2 Ween ze paken
5. Police: Serie vun den Abréch geet virun
6. Neijoersch-Gléckwënsch: Ronn 7,5 Milliounen SMSen zu Lëtzebuerg verschéckt
7. Britney Spears: Top Figur mat falsche Bauchmuskelen?
8. Alerte rouge: Île de la Réunion gëtt vum Zyklon Bejisa getraff
9. Accident op der A3: E Mëttwochowend war en Auto an d'kalifornesch Mauer geknuppt
10. Sailey: Esou heescht den 1. Puppelche vum neie Joer




**RTL.lu**
Meng Gemeng
News
Sport
Kultur
Life & Style
Games
Auto
Service
POST

**Radio**
Lauschteren
Programm
Emissiounen
Musek
Fotoen
Informatiounen

**Télé**
Livestream
Programm
Emissiounen
Fotoen
Maacht mat
Informatiounen

**5minutes**
Actualité
Météo
Sport
Auto / Trafic
Service
Photos

**Espace publicitaire**
IPNEWMEDIA
Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

Feedback | Conditions d'utilisations | Privacy | Conditions d'utilisation : Commentairen / Lieserbréiwer

cim internet